

Lëtzebuerg, den 18. Januar 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden:

„Et ass eis zu Ouere komm, dass et aktuell zu gréissere Retarde beim Auststelle vun den Ordonnancë fir den Isolement, fir d'Quarantainen a fir PCR-Tester kënn.

Et ass net onüblech, dass déi Concernéiert mat méi wéi enger Woch Retard hier Ordonnance kréien, dass si sech an Isolement solle beginn, also zu engem Zäitpunkt wou si eigentlech schonn nees aus dem Isolement eraus komme kéinten. Zum Deel stëmmen dann d'Datumer net mat der Dauer vun der Zäit iwwereneen, wou sech déi Concernéiert an Isolement begi sollten.

D'Helpline vun der Santé ass dobäi oft net accessibel, esou dass déi Concernéiert ouni Informatiounen zeréck bleiwen.

Dëst féiert zu enger grousser Veronsécherung an der Bevëlkerung, besonnesch well déi Concernéiert op d'Ordonnancen ugewisen sinn fir e Recht op de Congé fir familiär Grënn ze kréien oder sech bei hire Patronen ofmellen ze kënnen.

An deem Kader wollte mir der Madamm Gesondheetsministesch folgend Froe stellen:

- *Kann d'Madamm Gesondheetsministesch dës Informatiounen bestätegen?*
- *Wa jo, säit wéini huet d'Gesondheetsministesch Kenntnis vun dëser Retarde bei der Inspection Sanitaire?*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07


dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Wéi vill Ordonnancë sinn an deene vergaangenen zwou Woche mat Verspéidung, d.h. mat engem Delai vu méi wéi 24 Stonnen no der Deklaratioun vun engem positiven Test un déi concernéiert Persoun verschéckt ginn?*
- *Wéi laang sinn aktuell d'Delaien an der Moyenne fir déi jeeweileg Ordonnancen ausstellen ?*
- *Wéi vill Ordonnancë mussen, Stand haut, nach erausgeschéckt ginn?*
- *Wéi gesinn d'Prozedure fir d'Ausstelle vun den Ordonnancen aus? Ass virgesinn, d'Prozeduren z'acceleréieren ugesichts vun der aktueller Situatioun?*
- *Wa jo, wéi eng Upassunge si geplangt, a wéi séier gedenkt d'Madamm Ministesch dës Situatioun ze revidéieren ?“*

Mat déiwem Respekt,



Carole HARTMANN
Deputéiert



Gusty GRAAS
Deputéierten